LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°6934 vum honorabelen Deputéierte Léon Gloden zum Sujet "Communication interne au sein du CGDIS"**

Eis ass net bekannt, datt d'Kommunikatioun bei grenziwwerschreidenden Asätz vum CGDIS generell e Problem ass.

Grondsätzlech kann ee soen, datt de RENITA e lëtzebuergescht Funknetz mat enger nationaler Ofdeckung ass, sou wéi dat och bei eisen Nopeschlänner de Fall ass. D'Funkfrequenzen halen awer net direkt op der Grenz op, mee si reeche bis iwwer eng gewëssen Distanz hannert d'Grenz.

Doriwwer eraus sinn all d'Ambulanzen, wéi och eng ganz Rei vun aneren Asazgefierer vum CGDIS, mat GSM-Geräter équipéiert. Eng Kommunikatioun ass grondsätzlech also ëmmer méiglech.

D'Navigatiounssystemer funktionéieren onofhängeg vum RENITA a vum GSM-Réseau. Och hei si keng generell Problemer bekannt.

Lëtzebuerg, den 26/10/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding